



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 02/02/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Mobilitéit & Kultur weiderzeleeden.

Vill al Gebaier, déi en Zesammenhang mam Schinneverkéier hunn, an och Terrainen, déi no un de Schinne leien, sinn am Besëtz vun der *CFL Group*. Esou ass et net verwonnerlech, dass d'CFL e Groussdeel vum Lëtzebuenger Patrimoine ferroviaire besëtzt.

An Zesummenaarbecht mam Mobilitéitsministère gouf d'Schinnennetz am Land vun der CFL ëmmer nees ausgebaut a wäert an Zukunft och nach weider ausgebaut ginn.

Fir de Patrimoine ferroviaire bedeit dat, dass op enger ganzer Rei Plazen zu Lëtzebuerg al Gebaier (z. B. Garen) ofgerappt ginn, fir Plaz ze schafe fir nei Konstruktiounen oder en Ausbau vun der Unzuel u Quaien. Dës Demolitiounen hunn an der Vergaangenheet scho méi wéi eng Kéier zu Reaktiounen vu Säite vun der Zivilgesellschaft gefouert, déi eng besser Protektioun vum Patrimoine fuerdert.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi schaffen d'CFL Group, de Service des Sites & Monuments Nationaux, de Mobilitéitsministère an de Kulturministère zesammen, fir ze decidéieren, wéi eng Haiser an Objeten, déi a Proximitéit vun de Schinne stinn, ofgerappt a wéi eng erhale solle ginn?

Goufen hei tëscht der Regierung an der CFL schrëftlech Accorde geschloss, déi genee festleeën, wéi eng Gebaier/Objeten/Fläche bei aktuell scho geplangte Chantiere vun der CFL wäerten erhale ginn a wéi eng net?

Falls jo, ëm wéi eng Accorden/Dokumenten handelt et sech?

2. Verhandlungen tëscht der CFL, Service des Sites & Monuments Nationaux an der Regierung sollen dozou gefouert hunn, dass eng Lëscht erstellt konnt gi mat Garen, déi als Deel vum Patrimoine geschützt wäerte ginn. Wéi eng Gare stinn op dëser Lëscht a wat wäert mat deenen anere geschéien?



3. Demolitiounen an nei Konstruktioune sinn och ëmmer mat engem Ufale vu Bauschutt an engem héijen CO2-Ausstouss verbonnen. Ass geplangt bei zukünftegen Demolitioune beim Ausbau an der Erneuerung vum Schinnennetz an de Garen en Depot unzeleeën, wou Bauelementer (z. B. Steng oder Dieren a Fënsteren etc.) kéinte gelagert ginn, fir a spéidere Projeten nees verbaut kënnen ze ginn, fir Ressourcen ze spueren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

